



Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Ufro n°6322 vum 8. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser iwwer d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun

A senger parlamentarescher Ufro referéiert sech den honorabelen Deputéierten op d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun. Et ass drop hinzewisen, datt de Barème an der Vergaangenheet säit 1996 achtmol ugepasst ginn ass.

Et ass leider net méiglech ze rechnen, wéi oft de Barème ugepasst hätt missten ginn, wann d'Upassung mat dem 5-Prozent Automatismus nach géif bestoen. Esou een Exercice hätt och keng Plus-value an wär reng spekulativ, well deen initialen Mechanismus méi wéi eng Kéier ofgeännert ginn ass. Esou kour et am Joer 1996 zu enger substantieller Ännerung andeem déi automatesch Upassung ofgeschaaft ginn ass. An am Joer 2012, wéi an der parlamentarescher Ufro N°4762 vum 27. Juli 2021 erwänt, ass déi allgemeng Upassung vum Barème un d'Inflatioun, déi am Artikel 125 vum Akommessteiergesetz virgesi war, duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 ofgeschaaft ginn. D'Regierung Juncker huet deemools am Gesetzesprojet drop higewisen, datt dee Schrëtt néideg war opgrond vun den deemolege budgetäre Constraints.

Et ass des Weideren drop hinzewisen, datt d'Regierung am Kader vun der Steuerreform 2017 de Steuerbarème substantiell ugepasst huet. Duerch d'Upassung vun den ënneschten Tranchen an duerch d'Aféierung vun zwee weidere Steiertaxe vun 41 respektiv 42 Prozent, ass de Steuerbarème sozial méi gerecht gemaach ginn. Derbäi kennt, datt d'Steierreform 2017 d'Steierkreditter (CIS, CIP, CII, CIM) komplett nei modeléiert huet, fir déi Leit mat déiwe Revenue steierlech nach weider ze entlaaschten. All déi Mesure sinn aus steierlecher Siicht méi sozialgerecht a méi adequat, wéi wann d'Regierung eng allgemeng Upassung vum Barème vun der Akommessteuer un déi allgemeng Präisdeierecht ënnerholl hätt, déi virun allem Leit mat héije Revenue favoriséiert hätt.

Ofschléissend ass drop hinzewisen, datt et technesch net méiglech ass, deen hypothetesch Fall ze rechnen, wéi vill Steieren de Staat méi – respektiv manner - ageholl hätt, wann de Barème automatesch ugepasst gi wär. Esou eng Rechnung wär och nees reng spekulativ an hätt keng Plus-value, well deen initialen Mechanismus méi wéi eng Kéier ofgeännert ginn ass.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes